N°2930
Entrée le 24.09.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 24.09.2025
Chambre des Députés

LSAP

Monsieur Claude Wiseler
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 24. September 2025

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

Wie sech zu Lëtzebuerg op d'Sich no enger Crèchen- bzw. Betreiungsplaz fir säi Kand mécht, stell séier fest, dass et eng villfälteg Offer gëtt. D'Betreiungsofferen ënnerscheeden sech duerch hier pädagogesch Konzepter (Pikler, Montessori, Reggio Emilia etc.) an d'Ubidder vun de Betreiungsservicer kënne Privatleit, ASBLen, Gemengen oder privat Betriber sinn. Et ginn Dageselteren, Crèchen, déi vun de Gemenge gefouert ginn, konventionéiert Crèchen a privat Crèchen. Et fënnt een normal Crèchen, Mini-Crèchen an et gëtt och fir Mikro-Crèchë Reklamm gemaach.

D'Liberaliséierung huet am Secteur vun der Petite Enfance vill Verännerunge mat sech bruecht. Besonnesch d'Installatioun vun de grousse private Gruppen ass dobäi awer net onëmstridden, well et bei verschiddene Chaînen am Ausland zu Skandaler bezüglech der Qualitéit vun der Servicer an den Aarbechtskonditioune vum Personal koum. Och de Risk vun enger Oligopolbildung ass plazeweis ze beobachten.

An deem Kontext wéilt ech dem Minister follgend Froe stellen:

- Wéi vill Services d'éducation et d'accueil (SEA) ginn et aktuell insgesamt am Land?
- Wéi vill Agremente fir en SEA goufen an de leschten 10 Joer pro Joer ausgestallt?
- Wéi vill Prozent vun dësen Agremente goufe jeeweils un ASBLen, Gemengen a privat Betriber ausgestallt?
- Wéi vill Agrementen fir Mini-Crèchen goufen an de leschten 5 Joer pro Joer ausgestallt?
- Wéi vill Agrementen fir Dageseltere goufe säit 2017 pro Joer ausgestallt?
- Ginn et SEAen, déi dem System vu Chèque Service Acceuil net bäigetruede sinn ? Falls jo: wéi een Undeel maachen dës Strukture par rapport zur Gesamtzuel aus a wéi vill dovun si jeeweils ASBLen, Gemengen oder privat Betriber?
- D'Capacité d'accueil maximale vun engem SEA gëtt iwwert de Wee vun engem Arrêté ministériel festgehaalen. Wat ass Capacité d'accueil maximale vun allen SEAen zesummegeholl – d. h. wéi vill Plaze kënnen aktuell maximal am Land ugebuede ginn?
- Wéi vill vun dëse Plaze gi jeeweils vun engem private Betrib, enger ASBL oder enger Gemeng offréiert?
- Wat sinn déi 6 gréisste Betriber, déi e Services d'éducation et d'accueil zu Lëtzebuerg ubidden a wéi vill Plaze kënne si jeeweils maximal ubidden (wann een all hier Strukturen am Land zesummen hëlt) ?

Mat déiwem Respekt,

Francine Closener
Deputéiert


Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg
Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu
lsap.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 2930 vun der honorabeler Deputéierte Francine Closener**

1. **Wéi vill Services d'éducation et d'accueil (SEA) ginn et aktuell insgesamt am Land?**

   Aktuell ginn et 907 aktiv Services d'éducation et d'accueil (SEA) zu Lëtzebuerg.

2. **Wéi vill Agremente fir en SEA goufen an de leschten 10 Joer pro Joer ausgestallt?**

   Am Tableau hei drënner gesäit een, wéi vill Agrementen zanter 2019 ausgestallt goufen. Fir déi Jore virun 2019 ginn et keng digitaliséiert Donnéeën.

| *Joer* | *Nei Agrementen* |
|---|---|
| 2019 | 20 |
| 2020 | 25 |
| 2021 | 54 |
| 2022 | 44 |
| 2023 | 42 |
| 2024 | 42 |

3. **Wéi vill Prozent vun dësen Agremente goufe jeeweils un ASBLen, Gemengen a privat Betriber ausgestallt?**

   De Prozess vun der Digitaliséierung vun den Donnéeë vun den Agrementen ass 2022 ugelaf. Zanterhier sinn detailléiert Informatiounen iwwert de Gestionnaire disponibel. Fir déi viregt Jore gëllt dëst awer net, soudatt et net méiglech ass, déi Differenz tëschent Gemeng an ASBL ze maachen.

   Zousätzlech gouf 2013 eng gesetzlech Ännerung agefouert, mat enger Iwwergangsphas bis Juli 2019, déi zu enger neier Bezeechnung vun den Agrementen an deene Jore gefouert huet. Doduerch kann och kee geneeë Comptage vun neien Agremente gemaach ginn.

| *Joer* | *SEA konventionéiert (ASBL)* | *SEA konventionéiert (Gemengen)* | *SEA net konventionéiert* |
|---|---|---|---|
| 2024 | 33,3 % | 9,5 % | 57,2 % |

4. **Wéi vill Agrementen fir Mini-Crèchen goufen an de leschten 5 Joer pro Joer ausgestallt?**

   An de leschte fënnef Joer goufe fënnef Agremente fir Mini-Crèchen ausgestallt. Zwee dovunner 2020 an déi aner dräi am Joer 2023.

5. **Wéi vill Agrementen fir Dageseltere goufe säit 2017 pro Joer ausgestallt?**

   Zanter 2017 gouf pro Joer follgend Unzuel un Agrementen ausgestallt:

| ***Joer*** | ***Unzuel Agremente fir Dageselteren*** |
|---|---|
| 2017 | 39 |
| 2018 | 20 |
| 2019 | 12 |
| 2020 | 10 |
| 2021 | 10 |
| 2022 | 5 |
| 2023 | 13 |
| 2024 | 4 |

6. **Ginn et SEAen, déi dem System vu Chèque Service Acceuil net bäigetruede sinn ? Falls jo: wéi een Undeel maachen dës Strukture par rapport zur Gesamtzuel aus a wéi vill dovun si jeeweils ASBLen, Gemengen oder privat Betriber?**

   Et gëtt een eenzegen SEA, deen net Prestataire vum Chèque-service accueil ass; et handelt sech dobäi ëm eng Crèche vun enger ASBL. Dës Crèche huet en Agrement fir 15 Plazen (Kanner vun 0-4 Joer). Et ginn néng Dageselteren, déi net Prestataire vum CSA sinn; dëst stellt 40 Betreiungsplazen duer.

7. **D'Capacité d'accueil maximale vun engem SEA gëtt iwwert de Wee vun engem Arrêté ministériel festgehaalen. Wat ass Capacité d'accueil maximale vun allen SEAen zesummegeholl – d. h. wéi vill Plaze kënnen aktuell maximal am Land ugebuede ginn?**

   Op den 1. September 2025 louch d'Capacité d'accueil maximale fir SEAen, Mini-crèchen an Dageselteren (AP) bei 72.640 Plazen. Dëst ëmfaasst souwuel d'Kategorie „jeunes enfants" wéi d'Kategorie „enfants scolarisés".

8. **Wéi vill vun dëse Plaze gi jeeweils vun engem private Betrib, enger ASBL oder enger Gemeng offréiert?**

   Repartitioun vun de Plazen tëschent Gemengen, ASBLen a kommerzielle Betriber zu Lëtzebuerg (ëmfaasst „jeunes enfants" an „enfants scolarisés") op den 1. September 2025:

| ***Gestionnaire*** | ***Unzuel Plazen*** |
|---|---:|
| ASBL | 26.917 |
| Kommerziell Betriber | 23.897 |
| Gemeng | 20.197 |
| Dageselteren (AP) | 1.574 |
| Mini-crèchen | 55 |
| **TOTAL** | **72.640** |

9. **Wat sinn déi 6 gréisste Betriber, déi e Services d'éducation et d'accueil zu Lëtzebuerg ubidden a wéi vill Plaze kënne si jeeweils maximal ubidden (wann een all hier Strukturen am Land zesummen hëlt)?**

   Hei eng Opléschtung vun de sechs gréisste Bedreiwer, wat d'Unzuel vu Plazen an d'Unzuel vun SEAen op den 1. September 2025 betrefft („jeunes enfants" an „enfants scolarisés"):

| ***Gestionnaire*** | ***Unzuel SEA*** | ***Capacité d'accueil maximale*** |
|---|---|---|
| Arcus Kanner, Jugend a Famill asbl | 41 | 7.199 |
| Administration communale de la Ville de Luxembourg | 37 | 5.125 |
| Croix-Rouge luxembourgeoise | 31 | 5.097 |
| Anne asbl | 31 | 4.281 |
| Caritas Jeunes et Familles asbl | 31 | 4.200 |
| Administration communale de la Ville d'Esch-sur-Alzette | 19 | 1.984 |

Lëtzebuerg, den 28. Oktober 2025

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH